N° 7277
Entrée le 18.01.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, an der Gesondheetsministesch, Paulette Lenert, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7277 vun den honorabelen Deputéierte Fred Keup a Jeff Engelen.**

**Ad 1)**

De Gesondheetsministère huet am September 2022 eng grouss Campagne "Healthcareers.lu" lancéiert. An däser Campagne ginn déi reglementéiert Gesondheetsberuffer valoriséiert a promouvéiert. An enger éischter Phas ginn d'Gesondheetsberuffer vum Aide-soignant, niewent dem Infirmier, der Hiewamm, dem Infirmier an Anesthésie a Réanimatioun, dem Infirmier en pédiatrie an dem Assistant technique médical de radiologie virgestallt.

Den Aide-soignant schafft am Binôme mat dem Infirmier an de verschiddene Secteure vum Lëtzebuerger Gesondheetssystem; däst gëtt och deementspriechend op dem Site "Healthcareers.lu" presentéiert.

An der Rubrik *„témoignages"* ginn zwee Videoe presentéiert, wou den Beruff vum Aide-soignant am Spidoolssecteur an am Secteur "*aides et de soins à domicile"* valoriséiert a promouvéiert gëtt:

Den Aide-soignant ënnerstëtzt krank an net krank Persounen an der Realisatioun vun alldeegleche Grondbedierfnesser wéi der Alimentatioun, der Hygiène, der Mobilitéit, fir nëmmen dës opzezielen. Den Aide-soignant ferdert och d'Autonomie vun de Persounen. Doduerch huet den Aide-soignant eng privilegéiert Relatioun mat de kranken an net kranke Persounen: Duerch seng Observatioun a Kommunikatioun kritt den Aide-soignant wichteg Informatiounen iwwer déi physesch a psychesch Gesondheet vun den eenzelne Persoune mat. Dës Informatioune sinn essentiell an enger Prise en charge, déi zu méi Qualitéit a Sécherheet vun der Persoun féiert.

**Ad 2)**

De Beruff vum Aide-soignant soll och no der Reorganisatioun vun der Formatioun vun de Gesondheetsberuffer an senger aktueller Form weider bestoen. Den aktuelle Projet gesäit keng Changementer um Niveau vum Inhalt vun der besteeënder Formatioun vir.

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH